piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/02/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Enn November gouf am Lycée de Garçons de Luxembourg eng "Konferenz" ofgehalen, déi vun enger Asbl organiséiert gouf an un där aktiv Politiker souwéi ideologesch positionéiert Intervenante bedeelegt waren. Et ass u sech kloer, dass d'Schoulen hei am Land an hirem Bildungsoptrag der politescher Neutralitéit ënnerstinn. D'Notzung vu Schoulinfrastrukture fir politesch Evenementer, wou dann och nëmmen eng Säit vun der Medail beliicht gëtt, stellt dës politesch Neutralitéit a Fro.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Dierfen ëffentlech Schoulinfrastrukturen genotzt ginn, fir Manifestatiounen, Konferenzen oder Reuniounen ofzehalen, un deene politesch Acteuren als Spriecher optrieden?

2. Wéi gëtt an esou Fäll garantéiert, datt de Prinzip vun der politescher Neutralitéit vun de Schoulen agehale gëtt?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

GOERGEN Marc

Deputéierten